

## Allocution 2019

Léif Memberen vun Amitié Am Sand Amizero asbl

Léif "Nach-Giedelen a Pätteren" vu Kanner aus der Schoul Amizero a léif Donateurs  
Dier Dammen an dir Hären aus dem Scheffen- a Gemengeroot vun der Gemeng  
Nidderaanwen, a Verrieder vun de verschiddenen Kommissiounen,

Léif Kolleege aus der Schoul Am Sand

Am Numm vun eiser ONG Amitié Am Sand Amizero wëll ech iech all häerzlech op eiser AG  
2019 begrüessen a fir är joerelaang Ënnerstëtzung Merci soen.

„Firwat Rwanda?“ ginn ech an der Läscht ëmmer mi oft gefrot.

„Et ginn esouvill Plaatzen, wou Hëllef gebraucht gët.“

Wéi dorobber eng plausibel Äntwert ginn?

Ech hu mech gefrot: Wat ass dat éischt worunner een denkt, wann een de Numm „Rwanda“  
héiert?

Wahrscheinlech 1994 – Genocide?

Dëst Joer sinn et 25 Joer hier, datt am Rwanda nom Attentat op dem President Habyarimana  
säi Fliiger an enger Zäitspann vun 100 Deeg eng Millioun Leit ëmkommen sinn. Blank Zuelen,  
hannert deenen sech onvirstellbar traumatesch Evenementer verstoppen. 25 Joer-an der  
Traumabewältegung just en Abléck.

Am Ufank wollt di westlech Welt näischt dovunner wëssen. Schliesslech gouf dat éischt Wuert,  
un dat ee geduecht huet, wann ee vun deem Land héieren huet, dat Wuert „Génocide“

Zoufälleg hunn ech kierzlech en alt Tagebuch vu mir erëmfonnt, an deem ech 1994 en Artikel  
mat grugelege Biller agepescht hat a meng Gedanken zu engem Krich an engem Land  
notéiert hat, iwwert dat ech näischt aanescht wousst ... An ech hätt deemols och net kënnen  
dreemen, datt ech spéider di grouss Chance géing kréien, dëst Land aanescht  
kennenzelieren a wéivill dat Land mir ze enseignéieren hätt.

De Rwanda huet et fäerdegbruecht, an de läschten 20 Joer aus dem Chaos ze wuessen an e  
bewonnereswäerten Effort fir d'Réconciliation an d'Gemeinschaft ze maachen.

Eng vu sänge Stärkten ass d'Gemeinschaftsarbecht, op Kinyarwanda „Umuganda“ genannt,  
wou d'Leit all läschte Samsden vum Mount zesummekommen an fir d'Communautéit schaffen.  
Sou gët z.B. gemeinsam décidéiert, ob elo musse Stroosse gebotzt, Beem geplanzt oder  
Klassesäll gefléckt ginn... Souguer de President Paul Kagame mëscht sech beim Umuganda  
ënnert Leit a peekt mat un. Den Umuganda ass och an eise Projeten eng wäertvoll Hëllef.

Nom Krich vun 1994 hu suwuel Affer wéi Täter misse léieren zesummen ze liewen, wat ech nach ëmmer net ka richtig „begräifen“. Am Dokumentaire „Human“ vum Yann Arthus Bertrand erzielt d'Angélique z. B., di selwer hie Mann an hier Kanner am Genocid verluer huet, datt si nom Krich Kanner adoptéiert huet, deenen hier Elteren souwuel Affer wéi Täter waren.

Duerch all di Efforten, gouf de Rwanda e Musterbeispill vun Developpement a Wuesstum, eng richtig „success story“! D'Land huet di niddregst Kriminalitätsrat vum Afrikanesche Kontinent, ass politesch stabel an d'Paritéit tëscht Mann a Fra ass en Aquis. D'Education soll fir all Kand zougänglech sinn, an d'Land huet an sénger Vision 2020 séng Entwécklungszieler kloer formuléiert.

Firwat Rwanda also?

Mir hunn an deene läschte Joeren geléiert, datt de Rwanda net nëmme „d'Land vun den 1000 Hiwwelen“ ass, ma och nach d'Land vun den 1000 Antagonismen, den 1000 Géigesätz“

Obwuel de Wëllen do ass an d'Bemöihungen grouss, ass et awer nach fir e groussen Deel, cy 70% vun de Kanner schwierig, den Acces zu enger gudder Educatioun ze kröien. Et feele Kllassesäll, d'Enseignantinnen ginn net gudd bezuelt an d'Effektiver nach ëmmer ze höich.

Wann d'Leit mëch also froen, „Firwat Rwanda?, dann denken ech un di Versammlung zréck, di mir mat den Elteren vun den 20 „enfants vulnérables“ aus der Schoul Amizero zu Ruhango am Juli haten.

Et war ergräifend, den eenzelne Geschichten nozelauschten, z.B. déi vun engem eeleren Här, deen e Stroossekind adoptéiert hat, obwuel hie selwer net vill hat. Eng Mamm, di eis hier Dankbarkeet ausgedréckt huet, well hie Kand elo d'Gelegenheet huet, an d'Schoul ze goen, do eppes z'iessen ze kröien an sech esou besser konzentréieren kann. Dann no der Schoul kënnt et heem a vermëttelt der Mamm, di selwer net d'Chance hat, kënnen an d'Schoul ze goen, wat et an der Schoul geléiert huet.

Dëst si nëmme e puer Beispiller vu villen, wisou et och an der „Schwäiz vun Afrika“ nach ëmmer néideg a wäertvoll ass, sech fir eng gerecht a gudd Educatioun anzesetzen.

Ech wollt mat lech heimadder d'Dankbarkeet deelen, déi mir ze spiere kruten, an och e grouse Merci ausdrécken, fir är Ennerstëtzung an eise Projeten.

Wéi Dir wahrscheinlech gelies hudd, si mir wuel nach ëmmer motivéiert a voller Idealismus, an awer op der Sich no neiem Elan... Et si nach Plätzen an eisem Comité ze besetzen, an eise Comité ass op fir jiddereen, dee s'ch beruff fillt, an dësem Sënn matzeschaffen.